# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°394
OKTOBER-DEZEMBER'25

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **90/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## FAACKELZUCH'25



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJALL RAVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dech:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier




**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**




**!!! RÄUMUNGS-VERKAUF !!!**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst…fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken…

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ………………………………………………… méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ……………………………………………………………………
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# FICHE MÉDICALE 2025-2026

**Léiw Elteren,**

Vum lëtzebuergëschen Gesetz hir sinn mir verpflicht, ëmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesond-heet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir Iech bieden, **fir d'Scoutsjoër 2025-2026 eng Fiche Médicale auszefëllen** an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertraulëch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Diskretion stockéiert.
Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.
Dës Fiche fann dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Déi komplett ausgefëllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.
Leider kënnen mir ärt Kand nët méi mathuelen, wann dës Fiche nët **bis den 18.Oktober 2025** richteg ausgefëllt an bei ons ukomm ass.

Merci fir ärt Versteesdeméch




**Chers parents,**

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et **signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2025-2026** et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.
Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.
Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.
Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et **remise avant le 18 octobre 2025.**

Merci pour votre compréhension

**Meilleures salutations scouts :)**
Gremium chefs de groupe

# CHEFFEN 2025-2026

## Simply present LBB-STAFF for 2025-2026:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
MAJERUS Max (Lynx)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
BRINSTER Anna (Foxi)
FRISCH Danie (GriGri)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email**: **beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
FRISCH Danie
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
MAJERUS Max (Lynx)
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
BRINSTER Mia
PIRON Nicolas
PEPIN Cédric
PIRON Aleksis (Pongo)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# GR-MONTEE | FIR BV/LX/SG/EX/RO/TB



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, déi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



| | |
|---|---|
| **Wèini:** | **04.10. - 05.10.2025** |
| Beaver(BV): | 04.Oktober 25 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB |
| Wellëf(LX): | 04.Oktober 25 um 14h00 beim Home beim Home LBB |
| Start SG/EX: | 04.Oktober 25 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg |
| Schluss LX/SG/EX: | 05.Oktober 25 um 15h00 beim Home LBB |


**Präiss:** **21,00 €**, bis den 20.September 25 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'25+Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/Mail op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 20.September 25 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**




Ech …………………………………………… erlaaben méngem
Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

……………………………………………………….

un der **Montée 2025** vum **04.10.-05.10.2025**
zu Bouneweg deelzehuelen.

…………………………………….
Ënnerschrëft vun den Elteren



# home lbb LBB SECOND HAND shop 11.10.2025

## VERKAAFEN

Du hues vill **Scoutssaachen** doheem déi **ze kleng** sinn oder **net méi gebraucht** ginn an awer **ze schued** si fir fort ze geheien?
Dann ass daat hei déng Geleeënheet fir dat déng Saachen en neie Besëtzer fannen:
Den **LBB-Second-Hand-Shop!**

Op dësem Dag kanns du dir am **Home LBB** en Dësch lounen an e Stand mat **déngen Scoutssaachen** maachen, fir dës ze **verkaafen**!

Egal op Rucksaak, Schlofsaak, Uniform, Messer, oder Gamelle. Alles kann hei iwwer den Dësch goën.

**Detailer:**

- Ab 14h30 kann opgeriicht ginn.
- Um 15h00 geet et lass.
- Dësch(er) am Viraus per Mail reservéieren:
  -> **comite@lionsbleus.lu**
- Jiddereen muss sech selwer ëm säi Wiesselgeld oder Bezuelsystem këmmeren.

## KAAFEN

Du brauchs **neit Scoutsmaterial**, wëlls awer nët an e grousst Geschäft?
Ass dir eng komplett nei Ausrüstung fir d'Scouten einfach ze deier?
Ma dann komm an eisen Second-Hand-Shop stöberen! Et ass sécherlëch och eppes fir dëch dobäi!

**Ab 15h00 geet ët lass! Komm einfach kucken!**

## LBB-Shop

Och eisen normale **Lions Bleus Shop** huet deen Dag d'Schëld op **OPEN**!

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard** & an nach **villes méi**.

Du kriss also alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Kniet fir un däi Foulard, Scoutsbichelechen esou wéi och de Vademecum...

**Komm** laanscht a **kaaf op der Plaz** waats du brauchs...

... oder **bestell** am viraus iwwer eise **Pop-Up Shop**.
De Link dofir fënns du op eisem Site ënner der Rubrik Shop oder direkt hei mam QR Code

# ELTEREVERSAMMLUNG

## RÉUNION DES PARENTS



Dëst Joer ass eise Grupp scho rëm gewuess a mir krute vill nei Membere dobäi, dowéinst organiséiere mir och dëst Joer erëm eng Eltereversammlung.

Hei kritt dir all di wichtegst Infoe fir Beaver an Wëllefchersbranche dass d'Joer sou gutt wei méiglech verlafe kann. Dowéinst ass dës Versammlung och **OBLIGATORESCH fir all déi nei Elteren**

Mir invitéieren also alleguer déi nei Elteren sech vir ee vun eisen zwee Rendez-vous unzemellen, entweder den:

Cette année, notre groupe a de nouveau grandi et accueilli de nombreux nouveaux membres. C'est pourquoi nous organisons une réunion des parents.

Vous recevrez ici toutes les informations importantes pour les branches des Beavers et les louvteaux pour que l'année se déroule aussi bien que possible. C'est pourquoi cette réunion est **OBLIGATOIRE pour tous les nouveaux parents.**

Nous invitons donc tous les nouveaux parents à s'inscrire à l'un de nos deux rendez-vous, soit le :

LIONS BLEUS
BONNEVOIE

**11/10/2025** um **14h00**
op **Lëtzebuergesch**

oder/ou

**11/10/2025** à **16h00**
en **Francais**

D'Umeldung ganz einfach u cg@lionsbleus.lu schécken. Béid Versammlunge fannen an eisem Home statt.

Pour s'inscrire, il suffit d'envoyer un mail à cg@lionsbleus.lu. Les deux réunions se tiendront dans notre chalet.

# FNEL Aktivitéiten | FIR RO/TB







# FNEL Aktivitéiten | FIR EXPLORER (EX)




## Explorer Kachduell

Moie léif Explorer,

Wann dir Loscht hutt mat eis an den aneren Explorer de Bräiläffel ze schwéngen an ee leckere Menü ze zauberen da maacht mat op eisem Kachchallenge!
Wei genau alles ofleeft dat gitt der den Dag selwer nach gewuer.

ALLES waat Dir maache musst, ass Iech umellen a voller Motivation op den Kachchallenge kommen ;)

Den Treffpunkt ass Sonndes den 02.11.2025
um 14:00h um Fetschenhaff (Siège FNEL) an ass och do rem um 21:30 eriwwer.

Dir braucht näischt matzebréngen ausser eng Gamelle an är Kachkënscht.
Umelle kennt dir (iech Gruppewies) bis den 23.10.2025 op (explorer@fnel.lu). Dat Ganzt kascht 10€ pro Persoun déi dir och w.e.g (pro Grupp) mat der Mentioun Kachduell op folgende Kont musst iwwerweisen:
(FNEL - Programme LU95 0030 0457 4525 6000 )



Ganz wichteg ass et dass dir eis och matdeelt op dir Allergien hutt, Veggi oder Vegan sidd.

Fir de Rescht hoffe mer dass mir iech all deen Dag gesinn.

LP, **Är Explorerequip**

# WEEKEND | FIR SC/EX/RO/TB



An der Hoffnung dass mir dës Joër genuch Äppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet beim fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Äppel. Se ginn geraaf & geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Äppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gestériliséiert, gedronk & giess...

**> Looss dir deen Gaumenschmauss nët entgoën!!!**

**RENDEZ-VOUS** & **RETOUR**:
18. Oktober 2025 um 8:30 Auer um P&R Junglinster
19. Oktober 2025 um 14:30 Auer och nees um P&R Junglinster

**PRAISS**: **25 Euro**
sinn bis den 11. Oktober 2025 ze iwwerweisen op de Compte:
BCEE Les Lions Bleus-Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)

**SOUCHE:**
Ass oofzeginn bis den 11. Oktober 2025 bei dèngen Cheffen.

**MATERIAL:**
dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schloofsaack, fest Schong, Wäschsaachen, Schaffhännchen, ...
**+ 2 eidel** & **propper Fläschen** mat déngem Numm drop fir dain Viiz...

Ech ________________________________________

○ ginn gären mat op den **Viizweekend 2025** vum 18.-19.Oktober 2025.

____________________________
(Ennerschreft vun den Elteren)

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**

**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 15.-16.11.2025 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:

| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Den 15.November 25 um ...8 Auer MAT Kaffi<br>...9 Auer OUNI Kaffi |
| Schluss: | Den 16.November 25 um 16 Auer. |
| Wou? | Natiirlech am Home. |
| Waat brauchs du? | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **comité@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ________________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 15.-16.November 2025 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: ____________________

# HALLOWEEN-WEEKEND | FIR BEAVER

Dëst Joër ass ët nees esou wäit !




D'Lions Bleus lueden d'Beaver een flotten HalloweenWeekend bei eis am Home an.
Mat Musék, Iessen, Gedrénks, Spiller a vill méi ...



An natiirlech gehéiert eng cool a grujeleg Verkleedung dobäi !
Mell dëch séier un, sou dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank bestellen kënnen.... hu - ha - ha - hu ......



__Rendez-Vous & Retour:__
Samstes, den 8.11.25 um 16 Auer beim Home LBB
Sonndes, den 9.11.25 um 11 Auer beim Home LBB

__Präiss:__ **20 Euro** sinn bis den **1.11.25** ze iwwerweisen op den Compte (BCEE Beaver - IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun HalloweenWeekend + Numm vum Kand.

__Souche:__ oofzeginn bis spéitstens den **1.11.2025** !

__Waat brauchs du:__
Eng cool an grujeleg Verkleedung & Ersatzkleeder fir Sonndes, Bidon mat Waasser, Schlofsaack, Pijama, Wäschsaachen, Foulard (Petzi fir ze schloofen) ...

Heimat erlaaben ech ________________________________ méngem Kand

________________________ den 8.-9.11.25 op d'HalloweenWeekend matzegoen.




Datum & Ënnerschrëft: ________________________________________

# ROVER-TEMBO-WEEKEND
## Wanter Editioun 2025

Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet nees e Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nët méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ëm waat ët geet...
Also mell dëch einfach un ;)

**Wéini: 22.November – 23.November 2025**

Rendez-Vous: Samstes, 22.11.25_moies_Gare Dommeldange
Retour: Sonndes, 23.11.25_+/- 16-17:00 Auer_Gare Dommeldange

**!!! more details/infos after inscription !!!**

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat, Schloofsaack, e Rucksaack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-tëcher, …….

Däin groussen Rucksaack gët wèi ëmmer gefouert an däin klengen Rucksak hëlls du mat ob den Trajet...

**Umeldung** bis spèidstens den 15.11.2025,
**per mail beim LYNX op: majerus.max@outlook.de**

- - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2025 - - -

# Chrëschtmaart

18H30 - 21H00 **06.** DECEMBER

**WOU?** BEI EIS AM HOME

**FIR WIEN?** JIDDEREEN (KANNER, ELTEREN, FAMILL A FRËNN)

**WAT ERWAART IECH?** WAARME GLÜHWÄIN, SCHOCKI, BOXEMÄNNCHEN, MUSEK, AMBIANCE, DE KANNER HIER BASTELSAACHEN AN NATIERLECH KENNT DE KLEESCHE LAANSCHT ;)

.

**UMËLLDUNG?** BIS DEN 29.11. OB CG@LIONSBLEUS.LU MAT DER UNZUEL U LÉIT

.

**PRÄIS?** 5 EURO PRO KAPP SINN DEN OWEND SELWER MATTZEBRENGEN

**WAT BRAUCH DIR?** GUTT WAARM KLEEDER, **BECHER**



# TECHUANA 2026 | FIR EX/RO/TB...

## „ Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.**
Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen. Op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2025 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **13.Februar 2026** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **22.Februar 2026** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus

**Präiss:** fir < 18 Joër = **475 € + 250 € = Total € 725**
fir > 18 Joër = **475 € + 275 € = Total € 750**

Daat heescht 475 Euros fir Transport, Chalet, Programm, Iessen, Sauna / Schwämm & déi Léit déi Ski fueren > mussen nach 250/275 Euros fir den Skipass bezuelen.

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"
>>> bis **spéidstens den 1.02.2026** mat der Mention "Techuana 2025 & Numm vum Participant".

**Täschegeld:** +/- **60 €** ginn duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

<u>D'Souche muss du awer schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!</u>

Falls du awer direkt eng Fro häss, kanns de direkt eng Mail maan un : tamia@lionsbleus.lu

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

..................................................................................................
mat um **TECHUANA-Wantercamp'26** (13.-22.02.2026) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ......................................................................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 01.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 08.-09.11.2025 | | HALLOWEEN-WEEKEND |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |
| 15.11.2025 | 14:00-16:00 | Beaverversammlung |
| 22.11.2025 | 14:00-16:00 | Beaverversammlung |
| 29.11.2025 | 14:00-16:00 | Beaverversammlung |
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00-16:00 | Beaverversammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |
| 15.11.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.11.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 29.11.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00-16:00 | Versammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |
| 24.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 18.-19.10.2025 | | ViizWeekend |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |
| 15.11.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 22.11.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 29.11.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 21.-23.12.2025 | | KRËSCHTCAMP mat den EX |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHTVAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 10.10.2025 | | FNEL TB KeelenOwend zu Péiténg |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 18.-19.10.2025 | | ViizWeekend |
| 24.10.2025 | | FNEL RO Raclette |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 02.11.2025 | | FNEL EX KachDuell |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |
| 15.-16.11.2025 | | LBB SchaffWeekend ab EX |
| 22.11.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 22.-23.11.2025 | | RO/TB WEEKEND |
| 29.11.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 21.-23.12.2025 | | KRËSCHTCAMP mat den SC |

# FNEL SKR & SportsDag | EXPLORER (EX)







D'FNEL haat den 3.-4-Mee 2025 op deen schon traditionnellt SeefekëschtenRennen kombinéiert mam SportsDag invitéiert. Aaneschters wi di Joren virdrunner goufen des Scoutsjoër dës 2 Eventer zesummen ausgedroen an de Raid op engem aaneren Datum. Daat Ganzt sollt eng gudd Entscheedung sinn well, eng sëllegen Explorer mat um Départ woren, fir Samstes hiir Seefekëschten op Härz an Niiren ze testen an Sonndes halt sëch sportlech géinteneen an mateneen ze challengen. Um Rendez-vous wor vill Spaass an mer freen eis schon op nächst Joër fir nees kënnen mat um Start ze sinn.





# Impressiounen Weekend | MEUTE (LX)






# RAPPORT PëngschtCamp | GROUPE (GR)

De Pengschtcamp wor vum 29.Mee bis den 1.Juni, an fir d'Scouten huet dësen scho moies fréi ugefaangen. Hei ass et dann och direkt mat engem Trajet lass gaange bis op de Misärshaff. Bësse méi spéit sinn dann och eis Wëllefcher dobäi komm. Nom ustrengenden Trajet gouf d'Campplatz opgeriicht fir e gutt a gemitterlecht Campliewen. Si hun Konstruktiounen an hir Zelter opgebaut, fir owes eppes Guddes drop kënnen ze kachen.



Den Dag dono hun eis Beaver sëch getraff fir och op de Camp ze nozekommen. Mee do krute si moies e Bréif vum Reeboutroll. An dem Bréif stoung, dass de Troll Hëllef brauch, well de Reebou all hier Faarwen verluer huet. Doriwwer sinn eis Trolle ganz traureg a brauchen dréngend Hëllef vun de Lions Bleus, fir dem Reebou séng Faarwen erëm ze kréien, fir datt de Reebou erëm schéi strale kann. Schon op den Beaver hirem Trajet hun se lauter klenge Challengen gemaach an dei éischt Faarw soumat erëm gewonnen.
Wou eis Beaver op der Campplatz ukomm sinn, war den Troll och do an esou kruut de Rescht vun de Scouten den ganzen Dilemmer vun den Trollen gezielt. Fir hinnen ze hëllefen hun si an hire Patrullen e ganz faarwege Patrullen Fändel gemoolt a kruuten schon déi nächst Faarw. Owes haat den Troll e riisegen Faarwen-Strëmp-Chaos an d'Kanner konnten him hei hëllefen an hun sou di nächst Faarw gerett.





Den 3.Dag hun Sie an hiren Patrullen en Naturmandala gemaach, waat dem Troll an de Kanner eng riseg Freed bruecht huet an Sie esou d'Faarw gréng zréck kritt hun. Am Nomëtteg huet all Branche eng Aktivitéit mat Waasser gemaach. D'Beaver hu kleng Booter gebaut, d'Wëllef waren mat de Féiss an d'Waasser an d'Scouten sinn mam Kanu um Stau gefuer. Sie haaten all esou vill Kontakt mat der bloer Faarf, sou dass Sie och déi blo Faarw erëm gewonnen hun. Owes beim Nuetsspill gouf hiert Wëssen iwwert d'Faarwen getest an do wossten Sie esou vill, dass di nächst Faarw opgetaucht ass. Elo ass ët leider schon de leschten Dag, moies gouf alles geraumt an gebotzt. Mee dem Troll ass opgefall dass nach eng Faarw feelt.
Mat Teambuilding Spiller hun Sie och di erëm gewonnen an esou hun si all d'Faarwen vum Reebou erëm fonnt a Jiddereen ass frou an haat vill Spaass.



**Jolly / Nora**













# Impressiounen SORTIE | BEAVER (BV)






Park Sënnesräich






# KloterSortie | TROUPE (SC)







Samstes Moies den 14. Juni 2025 hu mir eis op der Staater Gare getraff a sinn dann zesumme mam Zuch Richtung Diddeléng gefuer. Do konnten d'Kanner um Sportsfest bëssen frai ronderëm laafen, iir ët no engem gudden Picknick fir nees Kräften ze sammelen, direkt weider gaangen ass an de Kloterpark. Do haate mer dann nach 2 Stonnen vill Spaass a fir déi lescht Stonn ass ët dann nach wieder gaangen op eng Spillplaz fir déi (aller)letzten Energie ze verpolveren. No engem waarmen & flotten Dag goufen d'Kanner dann och schon ofgeholl.

**MANON**








D‘Scouten, d‘Explorer an hier Cheffen hun sëch Samsdes op der Staater Gare getraff a sinn dann mam Zuch Richtung Wecker gefuer. Vun do aus, ass ët dann ze Fouss bis op den Iechternacher Séi gaangen. Dertëschent waren lauter flott Posten, wou mer verschidden Aktivitéiten gemaach hun. Wou mer ukomm woren, haaten d'Kanner bëssi Temps libre an nom Iessen ass ët direkt mam Nuetsspill weider gaangen. Den Dag drop sinn d'Kanner virum Programm schwammen gaangen an du sinn och schon d'Beaver an d'Wëllef ukomm. Mat hinnen all zesumme hun mir dann op d‘Wiss gesaat, fir d‘Partie Officielle. Dono hun mer eppes giess an d'Kanner konnten dann an de Branchen op verschidden Poste goën fir déi do ze maachen. Um 4 Auer als groussen Oofschloss, gouf dun de groussen Gewënner vum Powow 2025 respektiv der FNEL Trophee ugekennëscht > An daat woren mir. No der Chaine des adieux, hun mir eis EDDI gesoot an rëm op de Wee fir Heem gemaach. **MANON**



























Mir hun eis den 19. Juli 2025 all zesummen um P+R Houwald getraff a si vun do aus sinn mer mat iwwer 400 Léit mat der Busser op Zeewolde an Holland gefuer. Do ukomm, hu mir eis installéiert, alos Zelter a Kichen opgeriicht, déi mir fir di nächst 2 Wochen benotzt hun. Um Camp hun mir niewent villen flotten Aktivitéiten op der Campplatz, ënner aanerem och nach verschidden Stied besicht. Zu Amsterdam haaten mir d'Geleeënheet den Anne Frank Musée ze besichen. Ausserdeem hu mir Harderwijk besicht a si mam Vëlo op Spakenburg gefuer. Och en OpenPots huet nët dierfen feelen op esou engem Camp, hei huet also all Souscamp eppes gekacht a mir konnten bei si schmaache goën. Bei der Olympiade hun mir géint déi aaner Souscampen Baseball, Volleyball a Fussball gespillt. Och en Hike hu mir gemaach, wou mir d'Landschaft vun Holland entdeckt hun. Och wann ët gréisstendeels gereent huet, haaten mir eng flott Zäit an hu vill nei Léit kennengeléiert. **MIA**















# FNEL Odyssey | ab Scouten (SG/EX/RO)
























# Marche Gourmande | GROUPE (GR)





Well eist traditionellt Léiwefest dëst Joër nët wéi gewinnt stattfonnt huet, hun sëch eis Cheffen des Kéier eppes aaneres iwwerluecht. De 5. Juli hun mir eis bei de Striewergäert zu Bouneweg getraff fir eis **éischt Marche Gourmande** an d'Liewen ze ruffen!
Vum Holzchalet bei de Gäert aus, wou eis Memberen ee gudden Apéro kruuten fir mol an d'Stëmmung ze kommen, ass ët dann de Bierg weider eroof gaangen, wou d'Cheffen dann bei der Gantebeinsmillen gewaart hunn. Sur Place goufen ët dann Frühlingsrollen. Vun do aus ass ët dann Richtung Itzegerstee gaang, wou mir mat engem Curry op d'Léit gewaart hun. Iwwert d'Uelzecht an d'Strooss ass ët duerch de Bësch gaangen. Hannert dem Altersheim vum Houwald an iwwert d'Feld bis bei den Kaltreis, wou dann schlussendlech e leckeren Dessert beim Waassertuerm op Sie gewaart. Hei gouf ët selwer gemaachten Tapioka-Pudding. Vun do aus ass ët dann erëm lues a lues zeréck gaangen bei d'Gäert fir an de Feierowend eran ze treppelen.
**Mankei**





# KachDuell | CHEFFEN (CH)

D'Cheffen hunn sëch den 2.August am Home getraff fir eng lëschteg Zeit mateneen ze verbréngen, an daat bei engem KachDuell. Fir dësen Ulass huet de Mankei ee Kachduell organiséiert an d'Cheffen dofir an 2 Gruppen opgedeelt. D'Reegele ware ganz simpel. All Grupp kritt di selwecht Zutaten zur Verfügung gestallt a muss eppes fir den Jury (Mankei, Dama, an dem Dama säin +1) kachen. Den Hocken? Sie wëssen nët waat ët genau soll ginn!
Direkt sinn Theorien an Ideen opkomm waat gekacht sollt ginn. Geplangt wor usëch een Lënsen-curry. Gezaubert kruuten mir awer zwee wonnerbar Platen di nët ganz deem entsprach hun waat ët hätt sollten sinn...an awer huet ët gutt geschmaacht! **MANKEI**





## Wéivill gesaiss du vun Allem !?











## Sich déi 6 Fehler !?





Dem

LEO LEIF

séng:

## HIERSCHT ...RÄTSELEN

Vill Spaass ...

## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

am
PACKAGE

T-SHIRT
&
HOODIE

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt 17€



Knuet 5€



Pullover 30€



Foulard 10€

## and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard,...**


& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **11/10/25** mat SecondHandStand fir ären privaten Verkaaf &
LBB Stand ... **15/11/25** paralell zum Schaff-WE ...

# FNEL - ONGD





ongd-fnel scouts & guides
Zesumme fir d'Educatioun am Nepal

**Menu**

Menu élaboré par Charly Biwer

**Apéritif**

*****

**Entrée**

Velouté de courge, crème montée au raifort

*****

**Plat principal**

Mignon de porc rôti aux échalotes confites,
mousseline de céleri-rave, jus de viande et légumes de saison rôtis
ou
Gnocchis de pommes de terre, beurre blanc au miso, pangrattato

*****

**Dessert**

Tartelette aux poires décomposée,
praliné noisette fleur de sel, chantilly

*****

**Café**

Am Präis vun 100€ mat abegraff sinn den Aperitif (Eng coupe Crémant), d'Waasser an de kafi.
**Umeldung iwwer www.unbouncepages.com/ongd-fnel/ oder de QR-Code**

Fir d'Reservatioun iwwerweist eis w.e.g de Präis vum Menü op de Kont vun der ONGD-FNEL
BGLLLULL LU57 0030 4609 8575 0000
mat der Mentioun „Charity Dinner & Numm a Virnumm"
(identesch mat der Umeldung)
**OPPASSEN: Umeldung bis 09.10.2025**

# FNEL - KALENNER

fnel scouts & guides

**FNEL SCOUTS-SHOP**
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 10.10.2025 | SC/EX FormationsSoirée |
| 10.10.2025 | TB KeelenOwend |
| 10.-11.10.2025 | BV FormationsWeekend |
| 13.10.2025 | Masterclass |
| 17.-19.10.2025 | JOTA-JOTI |
| 18.-19.10.2025 | LX FormationsWeekend |
| 23.10.2026 | ONGD Charity Diner |
| 24.10.2025 | RO Raclette |
| 25.-26.10.2025 | TC |
| 01.11.-09.11.2025 | ALLERHELLGE-VAKANZ |
| 1.11.-4.1.1.2025 | SG/EX FormationsCamp |
| 2.11.-4.11.2025 | BV FormationsCamp |
| 2.11.-5.11.2025 | LX FormationsCamp |
| 2.11.2025 | EX KachDuell |
| 15.11.2025 | SG WanterHIke |
| 15.11.-16.11.2025 | TC |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann um GruppenPëngschtcamp am Thema Faarwen eng top Stëmmung wor an do vill gespaaßt&gegäxt gouf
02) dat mer dës Joër nees um Faackelzuch deelgeholl hun, paralell eisen tradition.Grillstand an der Groussgaass wor
03) wéi wann no villen Joeren eist Léiwefest leider huet missen pauséieren, mee eng flott Alternative fonnt gi wor
04) dat Echternoacher Quachlécken de Gruppen dës Joër d'Posten prépareiert haaten an së just na hu missen maan
05) wéi wann d'LBB um Summercamp vun der FNEL um Odyssey (Holland) gudd mat SC & EX vertrueden woren
06) dat wann en neit ScoustJoër ufängt, ëmmer Léit an hiir ScoutsPensioun ginn an aanerer grad ganz nei Starten
07) wéi wann eis Scoutskollegen aus dem Rollénger Gronn ,Les Aigles' lo och an eisem Klibbchen, den Ü100 wiiren
08) dat eist GruppenZebra dem Bankenbusiness de Réck gedréint hätt, fir en neien beruflechen Challenge anzegoen.
09) wéi wann den nächsten SchaffWE (15-.16.11) virun der Diir steet an eis Lëscht vun den Aarbëschten gudd gefëllt ass
10) dat no enger längerer Paus, dësen Summer nees een FNEL - FeWeCa fir all d'Wëllefcher um ScoutsKalenner steet

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat daat Ganzt sëcherlech na vill méi flott gi wiir, wann méi Kanner den Wee mat op de Misärshaff gemaach hätten
02) wéi wann mer bei dësem dës Joër tatkräfteg vun e puer motivéierten Elteren ënnerstëtzt ginn sinn. MERCI dofir ??
03) dat CH spontan een aanert Event aus der Täsch gezunn, eis 1.Marche Gourmande, déi och ganz gudd ukomm wor.
04) dat dofir nach Power iwwreg wor fir beim Challenge vun der Trophée oofzeraumen an des mat Heem ze huelen
05) dat Sie hei eng super Zait haaten an flott Erfahrungen konnten sammelen mat aaneren aus dem ganzen letz.Land
06) wéi wann eis CH-Ekipp gudd opgestockt gouf,de Mammut ScoutsPension kruut&de Lynx a séng FuussStapfen trëtt
07) dat Sie dës Joër 100 Joër feieren an mir d'LBB natiirlech dofir gratuléieren an hinnen der nach 100 dobai wënschen
08) wéi wann hat gesicht an den bei der Police am Enquete Secteur fonnt huet. Mir soen just, bon courage dofir :)
09) dat mer richteg ruklotzen mussen an all Hand Wëllkomm ass! Mir freen eis awer och op Anweihung v.EX Zëmmer
10) wéi wann d'Planung lues&lues uleeft an den Camp vum 18.-24.Juli 2026 wärt sinn, dofir lo schon Opschreiwen

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## oktober'25

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| **Sa** | 4 | **GR-MONTEE** |
| **So** | 5 | **GR-MONTEE** |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | FNEL TB KeelenOwend |
| **Sa** | 11 | BV/LX/TV/EX |
| **So** | 12 | |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | BV/LX<br>**VIIZ-WE fir SC/EX/RO/TB** |
| **So** | 19 | **VIIZ-WE fir SC/EX/RO/TB** |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | |
| Do | 23 | COMITE |
| Fr | 24 | FNEL RO Raclette |
| **Sa** | 25 | BV/LX/PV/EX |
| **So** | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | |

## november'25

| | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | |
| **So** | 2 | FNEL EX KachDuell |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | **BV HalloweenWeekend** |
| **So** | 9 | **BV HalloweenWeekend** |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| **Sa** | 15 | BV/LX/TV<br>**LBB Schaff-WE fir EX/RO/TB** |
| **So** | 16 | **LBB Schaff-WE fir EX/RO/TB** |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | |
| Do | 20 | COMITE |
| Fr | 21 | |
| **Sa** | 22 | BV/LX/PV/EX<br>**LBB RO/TB Weekend** |
| **So** | 23 | **LBB RO/TB Weekend** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | BV/LX/TV/EX |
| **So** | 30 | |
| Me | 31 | |

## dezember'25

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| **Sa** | 6 | **LBB WANTERMAART & KLEESCHEN fir JIDDEREEN** |
| **So** | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | BV/LX/PV/EX |
| **So** | 14 | |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | COMITE |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | |
| **So** | 21 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Me | 22 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Dë | 23 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | |
| **So** | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | **KRËSCHT-VAKANZ** 20.12-04.01<br>**SYLVESTER** |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

... Helö dir SchnéiklatzenSuckler ...
Wi ass daat mat ärer Motivation fir
Techuana 2026? Doppel Daumen
Hoch...Well ech sinn op all Fall schon
moti & Ready to Go ...

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057



* THATS ALL FOLKS ...